N°54
Entrée le 28.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, Mëttelstand, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°54 vum 28. November 2023 vun den éierewäerten Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen iwwert "Raccordement d'une installation photovoltaïque''**

1. **Wéi laang dauert et an der Moyenne tëscht der Fäerdegstellung vun der Photovoltaikanlag an der Verbindung un de Stroumreseau duerch d'Creos?**

Dëst dauert laut der Creos „ongeféier zwou Wochen". Wéinst enger rezenter reglementarescher Ännerung erlaben ech mir, Iech nach zousätzlech Präzisiounen ze ginn. .

Mam "Règlement grand-ducal du 30 juin 2023 établissant des méthodes statistiques pour la détermination de la production de certaines installations photovoltaïques" ass de Client résidentiel net méi – ënnert verschiddene Bedingungen – obligéiert, bei enger Fotovoltaikanlag déi am Eegeverbrauch bedriwwe gëtt – an dat ass mëttlerweil déi ganz grouss Majoritéit (> 90%) vun den neien Anlagen –, e separaten (zweeten) Compteur zousätzlech zum bestoende Consommatiounszieler am Haus ze installéieren.

Säit dem 1. September kënnen d'Clientë bei hirer Demande bei der Creos och vun dëser Ännerung profitéieren. De Virdeel ass, datt de Client a säin Elektriker och fir d'Mise en service vun der Anlag kee Rendez-vous mat der Creos méi muss maachen. Säit dem Aféiere vun dëser Neierung sinn dann och 85% vun den Demandë bei der Creos vum Typ „1-Stroumzieler". Dëst bedeit dann och, datt et keen Delai méi gëtt tëschent der Fäerdegstellung vun der Anlag, an dem Uschloss un de bestoende Stroumzieler.

Fir des Aktivéierung vun der Anlag ouni Delai ginn et zwou Bedingungen: De Client huet seng Verträg mat der Creos (Contrat de raccordement, contrat d'utilisation) ënnerschriwwen an zeréckgeschéckt. Dës Etapp gouf dëst Joer vun der Creos integral digitaliséiert (Email, elektronesch Ënnerschrëft). Des weideren ass e Vertrag mat engem Fournisseur néideg, deen och virleie muss. De Client muss nämlech bei engem Fournisseur vu senger Wiel e Vertrag fir d'Opkafe vun deem Stroum, deen nom Eegeverbrauch eventuell nach iwwreg bleift an an d'Netz agespeist gëtt, ofschléissen. Ouni dëse Vertrag kritt den Netzbedreiwer (d'Creos) vum Fournisseur net déi néideg elektronesch Noriicht déi et erméiglecht, de Stroumzieler fräizeschalten. D'Creos weist scho bei der Demande op dëse wichtege Schratt hin a rappeléiert dës Konditioun an allen Dokumenter, déi mam Client echangéiert ginn. Och um Site vun der Klima-Agence gëtt des Etapp explizéiert.

No der Mise en service muss dem Client säin Elektriker der Creos déi sougenannten „notification de fin de travaux" schécken, woumadder hie confirméiert datt d'Aarbechten uerdnungsgeméiss a konform zu den TAB'en (Technische Anschlussbedingungen) vun de Lëtzebuerger Netzbedreiwer ausgefouert gi sinn. Och déi Etapp gouf dëst Joer vun der Creos integral digitaliséiert (App).

Et ginn awer och nach Demandë wou de Client en zweete Compteur freet, respektiv en zweete Compteur muss hunn. An deem Fall kontrolléiert d'Creos d'Installatioun nom Erhalt vun der „notification de fin de travaux" vum Elektriker. Dofir muss effektiv e Rendez-vous vereinbaart ginn, bei deem den Agent vun der Creos préift, ob alles fachgerecht vum Elektriker installéiert ginn ass. Wann dat de Fall ass, da kann a ville Fäll och gläich de Compteur installéiert ginn, an domadder geet d'Anlag a Betrib. Am Moment dauert et an der Moyenne ongeféier zwou

Woche fir esou e Rendez-vous ze kréien. Bis Joresenn sinn och nach Rendez-vouse fräi, a bei dringende Fäll gëtt zesumme mam Client no enger Léisung gesicht.

2. **Wat sinn d'Grënn, dass et deelweis e puer Méint dauert, bis d'Photovoltaikanlag un de Stroumreseau ugeschloss gëtt?**

E normalen Delai läit aktuell bei circa zwou Wochen. Am Fall vun "1- Stroumzieler"-Anlagen gëtt et guer keen Delai- dëst ëmmer ënnert der duebeler Viraussetzung, datt d'Anlag technesch an der Rei ass an och all Verträg ënnerschriwwe virleien.

Ausnamsweis kann et laut Creos zu méi laangen Delaie kommen, wann de Client (resp. säin Elektriker) seng Demande bei der Creos eréischt erareecht, wann d'Anlag scho gebaut ginn ass, oder awer wann déi technesch Virgaben net agehale goufen an d'Installatioun muss verbessert ginn. D'Creos kontrolléiert déi Aarbechten an dat bedeit, datt de Client en 2. Rendez-vous sur place muss huelen.

Wéinst der Neierung vum "1-Stroumzieler"-Modell war et rezent esou, datt eng Rei Clienten, déi hier Demande scho méi laang gemaach haten (wou nach zwee Zieler obligatoresch waren), fräiwëlleg gewaart hu bis datt d'Netzbedreiwer den „1-Stroumzieler"-Modell entspriechend dem neie Règlement grand-ducal en place gesat haten. Wéinst der dofir néideger Upassung vun der Creos hiren IT-Systemer huet et effektiv zwee Méint gedauert tëscht der Méiglechkeet, d'Demandë fir 1 Zieler eranzereechen (dat war ab dem 1. September 2023 méiglech), bis zur Aktivéierung vun deenen Anlagen, déi fréistens ab dem 1. November 2023 méiglech war.

3. **Wat kéint gemaach ginn, fir dass den Uschloss un den Stroumreseau méi séier geet?**

Als gréissten Netzbedreiwer ass d'Creos sech hirer Roll als Facilitateur vun der Energietransitioun bewosst an huet 2021 mat engem ambitiéise Programm ugefaange mam Zil, d'Clientsprozesser ze digitaliséieren an eng beschtméiglech „expérience client" ze bidden. Konkret ass de Clientsportail *mycreos.net* en place gesat ginn, wou de Client einfach, séier an digital all seng Demandë kann erareechen.

Mëtt 2023 huet d'Creos hir Verträg digitaliséiert, esou dass d'Verträg elo per Email un de Client gescheckt ginn an de Client se elektronesch ënnerschreiwe kann. Dëst spuert net nëmme Pabeier, mee och Zäit. Fir d'Elektriker huet d'Creos am Laf vum Joer 2023 déi digital Fertigmeldung fir PV-Anlagen an och fir Bornë fir d'Elektroautoen doheem agefouert – e weidere Schrëtt an der Vereinfachung vun de Prozesser.

Lëtzebuerg, den 28. Dezember 2023
(s.) Lex Delles
Minister fir Wirtschaft, Mëttelstand, Energie an Tourismus